



Äntwert vun der Madamm Gesondheetsministesch op d'parlametaresch Fro n°7328 vum 6. Dezember 2022 vum honorabelen DeputéiertenHär Sven Clement.

1. Wéi laang huet et an der Moyenne an deene leschte 5 Joer beim Santésministère gedauert, fir eng Demande d'autorisation d'exercer ze traitéieren?

- Wat war d'Moyenne fir Persoune mat Diplom aus Lëtzebuerg?
- Wat d'Moyenne fir Persoune mat Diplom aus dem Ausland?

Virop sief ënnerstrach dat den Gesondheetsministère keen Ënnerscheid zwëschen engem lëtzebuergeschen oder auslänneschem Diplom mécht, woubäi ze bemierken ass datt den Aide-soignant mat auslänneschem Diplom als éischt eng Unerkennung vum Ministère fir Education, Kanner a Jugend brauch.

All Demanden ginn chronologesch traitéiert. An der Regel ginn d'Demandes d'autorisation d'exercer fir déi all néideg Piëcen virleien, innerhalb vun 10 Schaffdeeg traitéiert.

2. Op déi leschte 5 Jore gekuckt, wéi laang hunn d'Persounen am éischten an am leschte Quintil misste waarden, bis hir Demande d'autorisation d'exercer vum Santésministère traitéiert gouf?

Den Gesondheetsministère huet keng Statistiken wat Dauer vum Traitement vun enger Demande betrifft.

An der Regel ginn d'Demandes d'autorisation d'exercer déi komplett sinn, innerhalb vun 10 Schaffdeeg traitéiert. Den Délai de traitement hängt natierlech och vun der Unzuel un Demanden déi grad virleien of.

3. Wat war an deene vergaangene 5 Joren déi längste Waardezäit, fir eng Demande d'autorisation d'exercer ze traitéieren? Wat war an deene vergaangene 5 Joren déi kierzte Waardezäit, fir eng Demande d'autorisation d'exercer ze traitéieren?

D'Waardezäiten sinn ganz oft dorop zeréck ze féieren datt den Gesondheetsberuffler deen eng Demande stëllt en onkompletten Dossier eran ginn huet an doropshin vum Gesondheetsministère gefrot gött déi feelend Piëcen nozereechen. Dowéinst ass et net méiglech eng duerschnittlech Waardezait unzeginn vu datt dës haaptsächlech dovunner ofhänkt op en Dossier komplett ass oder net. Déi kierzten Waardezäit fir eng Autorisation ausstellen wann den Dossier vun vir eran komplett war, war 1 Dag, an der Moyenne läit d'Waardezäit awer wéi uewen uginn bei 10 Schaffdeeg.



4. Wéi vill Prozent vun den Demandë ginn ofgeleent? Wat ass heifir den heefegste Grond?

Die allerwéinegst Demanden kréien en Refus. Den heefegsten Grond ass datt d'Leit keng Unerkennung vum auslänneschen Diplom kréien oder d'Conditions d'honorabilité net erfëllen.

5. Ass d'Madamm Ministesch der Meenung, dass d'Delais de Traitement sollte verkierzt ginn?

Wa jo, wéi eng Méiglechkeete gëtt et, fir dëst z'erreechen? Wann nee, firwat net?

Den Délai de traitement kann verkierzt ginn, andeems den Demandeur säin Dossier iwwer den Site MyGuichet erareecht. Dëst erméiglecht een schnellen an direkten Transfert un de kompetente Service an et erlaabt et och feelend Piëcen méi schnell nozerechen, iwwert den normalen Postwee méi laang brauch.

Lëtzebuerg, den 10. Januar 2023

D'Gesondheitsministesch

(s.) Paulette Lenert